



Speziell Konditioune fir d'Organisatioun vu Weekender a Campen

Wéinst der Covid-19 Pandemie leet d'Commissaire générale, entspreechend dem Art. 8.3 vum LGS-Reglement Nr 13, folgend aussergewéinlech Konditioune fir d'Organisatioun vu Weekender a Campe fest :

Ausmooss

Dës aussergewéinlech Konditioune betreffen all Weekender a Campen déi tëschent dem 14. Juli an dem 16. September 2020 statt fannen.

Plaz

E Weekend oder Camp kann nëmmen zu Lëtzebuerg ofgehalen ginn.

Participanten

Et dierfe maximal 50 Kanner oder Jugendlech a maximal 10 Cheftainen a Chefs um Weekend oder Camp deel huelen.

Administratives

E Camp gëtt vum responsabele Chef op d'mannst 2 Woche virum Ufank vum Camp am Verbandssekretariat ugemellt.

Weider Konditioune

All Bestëmmunge vum LGS-Reglement Nr 13, déi duerch dës speziell Konditioune net betraff sinn, bleiwe weiderhi gëlteg.

Zousätzlech Konditioune oder Recommandatioune, déi vun der Regierung decidéiert ginn, si während de Weekender a Campen anzehalen.

Zäitraum vun dëse Konditioune

Dës speziell Konditioune gëlle vun deem Zäitpunkt un, wou se de Cheftainen a Chef iwwer Newsletter matgedeelt goufen, bis se vun der Commissaire générale nees ganz oder deelweis opgehuewe ginn. Spéitstens de 16. September 2020 verléiere se hier Gëltegkeet.

Anouk Galassi
Commissaire générale

Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Verbandscomité

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
Reisen mit Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1898